

Evangelium vum 3. Sonndeg C

Lk 1, 1-4 ; 4, 14-21

KONTEXT

D'Evangelium vun dësem Sonndeg ass aus zwéin Deeler zesummegeesat : 1° ganz dem Ufank vum Lk (1, 1-4) an 2. dem eigentlechen Ufank vum Jesus senger Missioun (a Lk 4, 14-9, 50 ass de Jesus nëmmen a Galiläa ënnerwee, duerno geet et erop op Jerusalem). 2° A Lk 4, 16-30 fanne mer scho sämtlech Elementer aus dem Rescht vum Evangelium erëm : dem Jesus säi Message ass op d'Schrëft (eist Aalt Testament) gegrënnt, den hellege Geeschtt spillt eng Roll, d'Net-Judde fillen sech ugesprach, während d'Leit vum eegene Vollek retizent sinn a versichen de Jesus emzebréngen. – D'Jünger, déi vum Lk gären ewéi Léierbouwen duergestallt ginn, kréien dann a Galiläa eng éischt Approche zum Jesus gewisen.

TEXT

Well der schonn en etlech et ënnerholl hunn, e Bericht ze schreiwen iwwert dat, wat ... (Vv. 1, 1-4) :

Wéi et bei de griichesche Schrëftsteller Moud war, fänkt den Auteur vum Lk säi « Buch » u mat engem Prolog ; doranner gëtt ernimmt : déi, déi virun him geschriwwen hunn - wéi hie versicht huet un Informatiounen ze kommen a wéi hie mat dësen Informatiounen ëmgaangen ass – firwat hie schreift – eng Dédicace.

... en etlech (V. 1) :

Der Theorie vun der Entsteung vun den Evangelien no, wier dat emol de Mk, d' « Logienquelle » (= eng Sammlung vu Jesus-Wieder) an dann déi speziell Quell vum Lk (= déi, déi déi aner Evangelisten net haten) ; et ass awer haut net méi mat leschter Sécherheet méiglech ze soen, ier de Lk hei iwwerdreift, a wéivill « en etlech » der da wierklech waren.

... e Bericht ze schreiwen iwwer dat, wat sech zougedroen huet, wat bei äis an Erfëllung gaangen ass (V. 1) :

Hei hu mer e « Passf divin », d.h. de Motor hannert den Evenementer, déi de Lk opgeschriwwen huet, ass keen anere wéi Gott.

... déi vun der éischer Stonn un Aenzeie waren an Dénger vum Wuert gi sinn (V. 2) :

Hei gëtt ganz diskret eng Bréck gewisen tëscht dem Tome 1 vum Auteur vum Lk sengem Wierk, dem Lk-Evangelium an dem Tome 2, der Apostelgeschicht.

... vun Ufank u genee nogaang sinn, ... vun der Zouverlëssigkeet ... (Vv. 3-4) :

Dat, wat am Lk steet, steet voll a ganz an der Iwwerliwwerung, an der Traditioun vun der (Ur-)Kierch.

... alles der Rei no ... (V. 3) :

Der Rei no jo, awer net an enger chronologescher Reienfolleg, mee, éischer an enger katechetescher : net nëmmen d'Jünger si Léierbouwe fir de Lk...

... héichveréierten Theophilus... (V. 3) :

« Héichveréiert » si Leit vun den zivilen Autoritéiten (cf. Apg 23, 26 ; 24, 3 ; 26, 25) ; « Theophilus » ass zweedäiteg : dee Gott gären huet. Den Theophilus schénkt schonn eng bestëmmte Kateches matkritt ze hunn ; vläicht ass hien och dem Lk säi Sponsor, well e Buch schreiwen war déi Zäit eng deier Saach.

(...)

An der Kraaft vum Geescht ... (Lk 4, 14) :

De Lk insistéiert vill drop, datt de Jesus richteg wéi vun hl Geescht ëmginn ass (cf. Vv. 1.18).

Vv. 14-15 : Dës Vv. sinn ewéi e Résumé, deen awer, géint eis Gewunnegt, seet, wat érischt duerno verzielt gëtt.

... och op Nazareth gang, ... (V. 16) : Richteg « Nazara », eng rare Schreiwweis fir « Nazareth » (cf. Mt 4, 13).

Esou wéi et um Sabbat seng Gewunnegt war, ass hien an d'Synagog gang, an do ass hien opgestan, fir virzeliesen.(V. 16) :

A Palestina an an de juddesche Communautéiten (d.h. do, wou op t'mannst zéng « erwüsse » juddesch Männer sinn, = déi hir Bar mitçwah gemeet hunn, also méi wéi 13 Joer hunn) an der Diaspora war an ass et Brauch um Sabbat (d.h. samschdës) an d'Synagog ze goen an aus de Schréfte virzeliesen an evtl. eng Erklärung/Aktualisatioun nozelauschten, déi am Prinzip jiddfereen, deen seng Bar Miçwah gemeet huet, maache kann. – An der Apg (z. B. 9, 20 ; 13, 5.14.44.) fänken déi urchrëschtlech Missionnairen hir Verkënnung och gären an de Synagogen un.

Hie krut d'Buch vum Prophéit Isaias gerecht ... (V. 17) :

Wéi fir de Johannes den Deefer (cf. Lk 3, 4-6) gëtt dem Jesus seng Missioun vum Isaias hir belicht.

... an déi Plaz fonnt, ... (V. 17) :

Datt de Jesus grad déi Plaz fonnt huet, war dat Zoufall ? – De Lk schénkt anerer Meenung ze sinn.

Dem Här säi Geescht ass op mir, well ... (Vv. 18-19) :

Is 61, 1f LXX (= aus der Septuaginta, der griichescher Iwwersetzung vun den atl Schrëften) a Is 58, 6 leeën dem Jesus säi Liewesprogramm duër. – Ursprüenglech gëtt am Is wahrscheinlech d'Asetzung vun engem Prophét beschriwwen. – Dem Herrgott säi Geescht ass et, deen de Jesus undreiw. – Dat, wat de Jesus virliest beschreiw seng Missioun duerch d'Lk erduerch.

... an e Gnodejoer vum Här auszeruffen (V. 19) :

Dat « Gnodejoer » (wuertwiertlech : en agreabelt Joer vum Här) ass d'Jobeljoer aus Lev 25, 8ff, dat all 50. Joer sollt sinn. Da sollten um Yom Kippur d'Scholden nogelooss ginn an all juddesch Sklaven an hiirt Land zrëckkomme kënnen, eng schéin Aussicht fir déi Exiléiert fir déi den Isaias geschriwwen huet. Mat der Zäit huet dëst Gnodejoer eng endzäitlech Konnotatioun am Juddentum kritt. (– Fir eist Joer 2000 gouf déi Iddi erëm opgegraff a gefuerdert deenen aarme Länner hir Bankescholden nozeloossen.) – De Schluss vum Is léisst de Lk de Jesus net liesen, nämlech « den Dag, wou eise Gott seng Revenge hëlt », e Saz, deen sech aus dem Is sengem Sitz im Leben eraus versteet!

V. 20 : Normalerweis misst de Jesus stoebleiwen. Et ass schwiireg ze soe firwat de Lk schreiw, datt hien sech erëm sëtze gaangen ass. – Op jiddfer Fall waarden d'Leit, datt hien elo e puer Wuert seet (wat heiandsdo, awer net ëmmer no der Liesung aus der Schrëft gemeet ginn ass). An si ware gespaant : hien ass jo an sengem Heemechtsduerf, dat hie gesinn huet grouss ginn.

... Haut ass dëst Wuert aus der Schrëft ... (V. 21) :

Beim Lk ass « haut » e wichtegt Wuert (cf. 2, 11 ; 3, 22 ; 5, 26 ; 13, 32 ; ...). - D'Schrëft ass bei iech zou (wuertwiertlech : an ären Oueren) an Erfëllung gaang, d.h. hei ass erëm e passif divin : Gott ass um Wierk. – Dës ganz Episod ass wéi mat Gott agerummt : am V. 14 kënnt de Jesus « an der Kraaft vum Geescht » an säin Duerf, an dat, wat hien da virliest, de Programm vu senger Missioun « gëtt (dee Moment/passif divin) erfëllt », well Gott um Wierken ass.